



# DE REVISÏÏR

ENG GROTESK VUM NIKOLAI GOGOL



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture



## 25 Joer Schankemännchen

Am Summer 1992 ass de Grondstee vum Fräilichttheater Schankemännchen asbl zu Groussbus geluecht ginn. Och wann déi 1. Produktioun eréischt am Juli 1993 opgefouert gouf, sinn ech e bëssen houfreg, mat deem neie Stéck « De Revisör » vum Nikolai Gogol, de 25. Jubiläum anzelauden.

No 25 Joer kuckt ee gär op dat Geleeschent zréck, mee mir ass et wichteg, och ëmmer no vir ze kucken.



No 6 Produktiounen mam Jemp Schuster als Regisseur, duerno 6 Produktiounen mam Clod Thommes, si mir elo frou, datt de Claude Mangen den neie Projet mat äis ugaangen ass. Mat ganz vill Engagement schafft hien hei mat engem rengen Amateurensemble. Fir äis alleguer ass dat eng flott Geleeënheet, nei Weeër a Méiglechkeete vum Schauspill kennenzeléieren.

Fir d'Choreographie an dësem Stéck konnte mir mam jonke Muscalduersteller Steven Klopp zesummeschaffen. E gëtt vum Manon Jaeger ënnerstëtzt.

Et ass ëmmer eng Freed ze gesinn, wéi gären eis Membere mat deene professionelle Leit zesummeschaffen.

Mäi Wonsch wier et, datt mir eng Kéier de 50. Gebuertsdag kéinte feieren, an dofir setze mir alles drun, fir dat Zil ze errechen. Mee dat geet nëmme, wa mir déi Ambiance am Veräin behalen, déi mir nach ëmmer haten, an et geet och nëmme, wann déi vill fläisseg a benevol Hänn do mat upaken. Fir den Nowuess ass och gesuergt, dovu konnt een sech de Wanter beim Kanner- a Jugendstéck iwwerzeegen.

Fir de sechsstellege Budget ze packen, deen esou eng Produktioun verschlénge, och wann nëmme reng benevol Aarbecht gelescht gëtt, hu mir bis elo nach ëmmer d'Vetraue vun eisen öffentlechen a private Sponsoren kritt, an dat stëmmt mech zouversichtlech fir d'Zukunft.

Och wann d'Welt op der Kopp steet, Onsécherheet, Terror an Onrou sech breetmaachen, wëlle mir am Klengen an duerch d'Kultur en Zeeche setzen, fir ze weisen, wéi ee mat Toleranz a Rücksicht, Freed a Spaass kann zesummeschaffen an e gemeinsam Zil errechen, an zwar, eisen 13. Fräilichtspektakel.

Vill Spaass !

Christiane Thommes-Bach

Presidentin vun der Schankemännchen ASBL



## ***Alles bleibt anescht***

### ***Eng nei Spillplaz, en aneren Iwwersetzer a Regisseur !***

Mir kennen eis net réischt zanter haut a gësch, de „Schankemännchen“ an ech! Mat just enger Ausnam hunn ech all Fräilichtspektakele gesinn. Weess also Bescheed iwwert déi engagéiert Equipe op an hannert der Bühn vum Prommenhaff, iwwert hir Statiounen zanter 1993 an hiren Éiergäiz sech wëlle virun z'entwéckelen an Neies ze probéieren. Groussbus selwer kennen ech nach vill méi laang, schliisslech hunn ech bei menger Dafgiedel, der Tatta Lucie an der Vakanz op der Baach geléiert Vëlo fueren. Direkt ëm den Eck, do wou dëse Summer Theater gespillt gëtt. Gelungen also, dass mäi Wee iwwer d'Lëtzebuurger Bühne mech net well

éischter heihi gefouert huet.

Schuster Jemp an Thommes Clod hunn de Groussbusser Fräilichttheater als Auteur a Regisseur opgebaut an héichgehalten, virubuecht an artistesch op e gudden Niveau kritt. Wat hat ech do verluer? Mä wisou froen se mech elo, no bal 25 Joer, fir Regie ze féieren? Si wäerten hir Grënn gehat hunn, genee wéi ech meng, fir dëst Engagement anzegoen. Fräilichttheater ass fir mech näischt Neits an engagéiert an talentéiert Amateuren dirigéieren och net. Wou louchen dann d'Erausforderungen?






Dem Nicolai Gogol säi Kaméidistéck „De Revisör“ souz mer zanter Joren am Pelz wéi eng Flou, déi mech ëmmer nees gekëddelt huet. Lo war se drun, an no sëllege Stéck-Beaarbechtungen an Text-Collagé war ech zeideg fir eng éischt Iwwersetzung. Ech wollt keng Adaptatioun, an hu probéiert sou no wéi méiglech um Original ze bleiwen an trotzdem eppes typesch Lëtzebuergesch dran ze fannen, natierlech duerch d'Sprooch awer net nëmmen!

Ech kennen de Spillerinnen a Spiller vum „Schankemännchen“ hiren Éiergäiz a Fläiss, war also gefuerdert, fir dës Loscht um Theater ze stëppelen a virunzedreiwen. Mat deenen zwou leschte Produktiounen sinn si 2013 mat „De Besuch“ an

2015 „Eng Oper fir 5 Sou“ op de Wee vun der Iwwersetzung an dem Musektheater gaangen. 2017 geet et drëm, deene Produktiounen u virdrun trei ze bleiwen, an dach viles anescht ze maachen. Mat enger neier Spillplaz dréine mer dem Prommenhaff de Réck a kucken an eng aner Richtung. Déi oppen an einfach Bühn réckelt méi no bei de Public a léisst vill Raum fir Text a Spill. Wann et geléngt, dem Gogol seng Gesellschaftsfarce „De Revisör“ ouni vill Requisiten a mat just 7 Hockeren eriwwerzebréngen, da war dëst Joer manner ganz sécher méi!

Claude Mangen





## ***“...’t ass en echten, de Puschkin!”***

Sou seet de Rotziwan am drëtten Akt, a beandroockt domat net nëmmen dem Buergermeeschter seng Fra, ma och déi aner Gäscht. Fir den Nikolai Gogol war de Puschkin de Gott vun der russescher Literatur, säi spirituelle Papp. Et gëtt behaapt, de Revisör géng op eng Anekdot zeréck, déi de Puschkin an der russescher Provënz erlieft gehat hätt, fir sengem Frënd Gogol se

virunz’erzielen, well deen op eng Iddi fir en neit Stéck gegammst huet. Wat doraus gouf, kenne mer: e Stéck Weltliteratur, eng schaarf a spëttesch Parabel op mënschlech Dommheet, Arroganz a Verfroossenheet. Dem Gogol seng Charaktere bleiwen aktuell. Mir fannen se an der grousser a klenger Politik, an der Wirtschaft, am soziale Liewen a firwat net och an der Kultur. Ass et

# NIKOLAI GOGOL

## D N A R I Z

d'Angscht virun Autoritéiten, d'Gloscht selwer bei den Trach ze kommen déi hannert all deem Opportunismus stécht. Wisou kritt e President vun engem milliouneschwéiere Sportsveräin ni genuch? Wat dreift e Politiker derzou, seng Fra a Kanner fir eppes ze bezuelen, wat se ni geleescht hunn? Firwat gétt sech mat öffentleche Steiergelder zerwéiert, gi Steieren hannerzunn a kromm Affairen ënner Kollege gedréint? De Gogol liwwert keng Äntwerten ma hält e Spigel virun d'Gesicht.

1828 kënnt de Nikolai Gogol mat 17 Joer op Sankt Péitersbuerg, well e wëll Beamten oder Schrëftsteller ginn. Well dat net klappt, probéiert e seng Suen als Nohëlles-Professor ze verdéngen. Ma och dat geléngt em net. Dorops reest en an Däitschland – en typescht Verhale fir säi spéidert Liewen. Zeréck zu Péitersbuerg schreift e faarweg Erzielungen iwwert d'Liewen um Duerf a senger ukrainescher Heemecht. Domat hat en Erfolleg. Seng humorvoll Grotteske komme gutt beim kalen aristokratesche



Pétersbuerger Publikum un. Dowéinst kritt de Gogol, am Verglach zu anere Schrëftsteller, manner lenger mat der Zensur. Am „De Revisör“ hëlt hien 1836 déi deemoleg Bürokratie mat hire Staatsdénge op d'Schëpp. No der Uropféierung, heescht et, wier laang Rou gewiescht, ier den Zar Nikolaus I. selwer demonstrativ geklappt hätt. Déi aner am Publikum hunn, wéi et schéngt, op d' Zänn gebass. Dozou schreift de Gogol an engem Bréif : „...Alle sind gegen mich. Betagte und ehrwürdige Beamte schreien, mir sei

nichts heilig, da ich die Dreistigkeit besaß, über Staatsdiener zu sprechen. Die Polizisten sind gegen mich, die Kaufleute sind gegen mich, die Literaten sind gegen mich. Man schimpft, geht aber ins Theater; für die vierte Vorstellung waren keine Billets zu bekommen... ..Ich sehe jetzt, was es bedeutet, ein komischer Schriftsteller zu sein. Der geringste Anschein von Wahrheit – und gegen dich erheben sich alle, und zwar nicht nur einer, sondern ganze Stände...“

Den Nikolai Gogol weist e Spill mat





Verwiesslungen, wou d’Komik doduerch entsteet, dass d’Personnagen am Stéck getäuscht ginn, den Zuschauer awer vun Ufank u Bescheed weess. Mir hunn et zwar mat eenzelne Persounen ze dinn, ma um Enn ass déi ganz Gesellschaft korrump an ‘t ass kee propperen ënnert en. Wat de Buergermeeschter derzou féiert ze soen: “An d’Vollek laacht a klappt an d’Hänn. Wouriwwer laache se? Se laachen iwwer sech selwer.”

Claude Mangen

# DE REVISÖR

eng Grotesk a 5 Akte vum Nikolai GOGOL  
an d'Lëtzebuergesch iwwerdroen an inszenéiert  
vum Claude MANGEN

**Boris Drecksakow**, Buergermeeschter – Paul ENGEL

**Olga Drecksakow**, gebuere Kludderowna, genannt Kludderolga,  
seng Fra – Marie-Jeanne JACOBS

**Kamelotti** Drecksakow, genannt Drecksloitti, dem Buergermeeschter,  
seng Duechter – Zoé KNEIP

**Mischka**, Dénger – Tun SCHON

**Viktor Guttschmir**, genannt Schmirvik, Schoulinspekter – Jaengi LEHNERS

**Konstantin Krommasoff**, genannt Stanisoff, Riichter – Roger GEREKE

**Nikotin Krätzdiwwi**, genannt Diwinik, Direkter vum Aarmehospice – Tom RIES

**Oleck Stibitzki**, genannt Tibileck, Bréifdréier a Postmeeschter – Clod THOMMES

**Dimitri Roffaschwir**, genannt Dimiroff, Dokter am Spidol – Serge PAULY  
Zwéin Härebauerer

**Wladimir Mutzwilli**, genannt Wladimutz – Steve GOEREND

**Wladimir Butzwilli**, genannt Wladiwutz – Gilles MARTINY

**Iwan Schmarotzkowitsch**, genannt Rotziwan,

Beamte vu Péitersbuerg – Marc PLETSCHETTE

**Pirosch Nadanotzeck**, genannt Pirozeck, säin Dénger – Fred THILL

**Tatjana Dëppesisska**, Kächen – Marie-Jeanne KELLEN

**Ljudmila Klenscharow**, dem Schlässer seng Fra – Carla WOLMERING

**Miliza Bataillonski**, Wittfra vum Enneroffizéier – Anne-Marie PAULY

**Anestesia Läpbitzki**, dem Schneider seng Fra – Dany GIELEN

**Irona Streiselona**, dem Bäcker seng Fra – Trixi SCHWINDEN

**Barbara Butschinski**, genannt Bababutsch – Henriette HENGEN

## Police

Pit ARENDT – Pol ARENDT – Ben GEREKE

## Dänzerinnen an Dänzer

Sarah EWERTZ

Julie GEREKE

Lynn OLINGER

Claire PAULY

Yann RICHTER

Kenny-Neal WOLMERING



Paul Engel, Tun Schon, Fred Thill, Marc Pletschette a Marie-Jeanne Jacobs

*Boris : Wat hu mir Carrière gemaach! A wat kënnt réischt alles? Déi léiere mech kennen, déi schäinhelleg Uschësser. Gitt se sichen, déi Klenschendrécker a Spéngelsschësser. Schleeft s'erbäi. Déi kréien hir buuschteg Mailer gestoppt. Sou iwwer mech hierzefalen, dee Rääbi an dee Wouscht! Biswell hunn ech se geschount. Domat ass lo Feierowend. Trotert dem Vollek dobaussen, wat fir eng Eier hire Buergermeeschter huet: seng Duechter bestuet net iergend een hiergelafenen Dagdéif. Eist Kamelotti kritt e Mann vu Welt. Laut d'Klacken. Schlot de Gong. Wat méi, wat besser. Wa schonn, da schonn. Dat gétt eng pompös Hochzäit, wéi et nach keng gouf. Sou soll et sinn, nedu mengt Kludderolga. Wéi geet et mat eis virun? Wou solle mer liewen? Hei oder zu Péitersbuerg?*

*Kludderolga : Zu Péitersbuerg, wat eng Fro! Hei kënne mer net bleiwen.*

*Boris : Bass De sécher? Mir hunn et dach gutt hei. Fënns De net? De Buergermeeschter hänken ech un den Nol. Wat mengs de?*

*Kludderolga : Buergermeeschter, wat ass dat schonn? Du bass zu Héierem bestëmmt.*

*Boris : Eisen Eedem ass mat Ministeren an Deputéierte befrënt a verkéiert um Haff. Do misst eppes ze maache sinn. Vläch ginn ech Generol. Wat mengs De, Kniddelchen? Generol, dat wier eppes fir mech.*

*Kludderolga : Näischt méi ass onméiglech.*





Zoé Kneip a Marc Pletschette



Roger Gereke a Paul Engel



Marc Pletschette a Fred Thill

*Rotziwan : Géi bis an d'Wiertsstuff... da sees de... se kéinten d'Mëttegiessen zervéieren.*

*Pirozeck : Neen, ech ginn net.*

*Rotziwan : Wat erlaabs du Dir! Tockskapp.*

*Pirozeck : Ob ech ginn, oder net ginn, mécht der Kaz kee Bockel. De Wiert sot, et hätt sech auszervéiert.*

*Rotziwan : Dee Bluttsëffer! Du kréckels mer eng.*

*Pirozeck : E sot, e géif sech beim Buergermeeschter beschwéieren. „Dräi Woche well bezillt en net, däin Här. Schuppsäck sidd der, Du an Däi Meeschter“, sou huet e gesot, net gelunn ... „däi Patron ass e Wandjang, e Spëtzbouf an e Bretzaarsch“. Éierewuert!*

*Rotziwan : An Du Stëppeler hues däi Pleséier, mir dat erëmzezielen.*

*Pirozeck : „Da kënnst sou en hiergelafenen Dagdéif, deet sech wochelaang de Gudden un a pufft bis näischt méi op d'Lee geet. Du traus dech mol net, e virun d'Dier ze geheien. Awer lo ass Schluss, so dengem Lidderhanes dat “genee sou sot en, de Wiert! „Ech schäissen en u bei der Police, da kënnst en an de Kittchen“.*



Gilles Martiny, Clod Thommes, Jaengi Lehnerns, Roger Gereke, Serge Pauly,  
Tom Ries a Steve Goerend

*Diwinik : A vos ordres, Riichter. Mir si prett. Lo musse mer duerfueren.*

*Stanisoff : Mat wat Diwinik?*

*Diwinik : Dat ass dach kloer.*

*Stanisoff : Mir ginn em Suen.*

*Diwinik : Gutt, gi mer em Suen.*

*Stanisoff : Dat ass geféierlech. Wann en da birelt: ech si Staatsfunktionär, wat erlaabt Dir lech. Sou eppes kënnt bei mir net an d'Tut. Besser wier eng Spend. Eng Spend, déi mer als Subsid ternen, als Subsid fir e gutt Wierk.*

*Tibileck : Oder mir soen, et wiere Sue mat der Post ukomm, a kee wéisst, wem seng et sinn.*

*Diwinik : Passt op, Tibileck, datt en lech net gottweesswuer mat der Post schéckt. Am Staatswiese regelt ee sou Affairen anescht. Mir brauchen eng nei Taktik. Et ass net gutt am Kollektiv z'agéieren. Mir maachen dat besser eenzel, jidderee fir sech, ënner véier Aen ... da gött et keng Zeien, well keen eppes matkritt. Dat gehéiert sech sou, fir eng Gesellschaft, déi op Uerdnung hält.*





Marie-Jeanne Kellen, Trixi Schwinden, Henriette Hengen, Dany Gielen,  
Carla Wolmering an Anne-Marie Pauly

*Irona Streiselona : E schikanéiert eis, wéi e kann. Zanter Jore klammen d'Steieren an all neemes erfénnt en aner Reglementer an Uerderen. Dobäi kritt en, wat en nëmme wëll.*

*Anestesia Läpbitzki : Brauch seng Fra oder seng Duechter en neit Kleeed, hëllefe mer gär. Do huet keen eppes dergéint. Dat geet em nach net duer. E kënnt an de Buttek, hält alles wat em ënner d'Fanger geréit. „Wat fir en eedelt Duch. Liwwert mer dees heem“. An da liwwere mir em dat. Wësst Der, wat dat kascht?*

*Irona Streiselona : Kee bleift verschount. Wa mer e gesi kommen, verstoppe mer eis Wuere sou séier wéi et geet. Ee wéi deen, hate mer nach ni als Buergermeeschter.*

*Anestesia Läpbitzki : En hält net nëmmen nei an deier Saachen.*

*Irona Streiselona : En hält och alles ouni grouse Wäert: verdréchent Prommen, déi scho siwe Joer am Faass leien a kee Mënsch méi keeft. Eise Bäckeschgesell géif se mol net méi iessen, an 't ass gewëss kee Glotten. En huet sech en décke Grapp voll viru mengen Aen an d'Paltongstäsch gestach.*

*Anestesia Läpbitzki : Um Fest vum hellege Borisus, sengem Namensdag, schleefe mer Allméiglechtes bei en heem. Dat geet net duer. Den hellege Méchel, sot en, wier säi Schutzpatroun. Da kritt e nach engker fir Méchelsdag.*



Pit Arendt, Pol Arendt a Ben Gereke



Ben Gereke, Sarah Ewertz, Claire Pauly, Yann Richter, Kenny-Neal Wolmering, Lynn Olinger, Tun Schon, Pol Arendt, Pit Arendt a Julie Gereke



Christiane Thommes, Claude Mangen a Viv Meintz

## **Text a Regie**

Claude Mangen

## **Regieassistenz**

Viv Meintz

## **Produktionsleitung**

Christiane Thommes

## **Comité**

Christiane Thommes, Presidentin

Roger Gereke, Vizepräsident

Désirée Biver, Keessiär

Gaby Mack, Sekretärin

Michèle Gleis

Lydie Arendt

Nathalie Gremling

Marc Pletschette

Gilles Martiny

Serge Pauly

Tom Ries

Jemp Schuster

## **Choreographie**

Steven Klopp

Manon Jaeger

## **Toun a Beliichtung**

On Stage Light

## **Affiche**

Michel Feinen

## **Kostümer**

Sylvie Hamus

Henriette Hengen

## **Coiffure**

Intercoiffure Carine (Ettelbréck)

## **Mat der Ënnerstëtzung vun**

Gemeng Groussbus

Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte

Ministère de la Culture

Fonds culturel national

Gemeng Biekerech

Gemeng Feelen

Gemeng Mäerzeg

Gemeng Préizerdaul

Gemeng Useldeng

Gemeng Réiden/Atert



Gemeng Viichten

Gemeng Wahl





# 25 Joer Schankemännchen !



Impressiounen vun all eise Spektakelen fann Dir op

[www.schankemaennchen.lu](http://www.schankemaennchen.lu)

